

Léif Awunner aus der Gemeng Fluessweiler,

Den Owend si mir hei an der Uertschaft Nidderdonwen zesummekomm fir d'Festivitéite vum Nationalfeierdag an eiser Gemeng ze begoen. Dat heescht, fir eigentlech eist Land ze feieren, fir eis un eis Geschicht ze erënneren an eis e puer Gedanken iwwert d' 'Zukunft hei an der Gemeng, um nationalen an internationale Niveau ze maachen.

Leider ass de Nationalfeierdag 2021 nach ee Mol anescht.

De Virus Covid 19 bestëmmt lo scho ganzer 16 Méint eist Liewen a ganz besonnescht eist sozialt Zesummeliewen. Mir géifen dëse Nationalfeierdag nees gären all richteg feieren, mee mir däerfe nach net. D' 'Gesondheet vun eis all geet fir. Sou änlech hunn ech och 2020 meng Usprooch ugefaangen. Mir waren all voller Hoffnung dass an engem Joer dat ganzt awer zum gréissten Deel iwwerwonnen wär. Mir sinn awer enges Bessere beléiert ginn.

Eis Feier op dësem Virowend gëtt dofir, genau wéi déi op nationalem Niveau, an dësem klengen Krees zelebréiert. All d' Leit déi den Owend hei derbäi sinn, si no de Critère vum Covid-Check gepréift an dofir hu mir d' Maske ofgeluet.

Mir hunn lo just hei eng Gerbe néiergeluecht virum Gedenkmonument un d' Affer vum zweete Weltkrich. Dës besonnesch Platz ass nieft deene villen aneren am Land e Symbol fir eis Fräiheet déi mir duerch de perséinlechen Asaz bis hin zum Doud vu ganz ville Leit erkämpft hunn. Wa mir haut nees hei stinn, da musse mir dankbar sinn fir déi Fräiheeten di eigentlech zur Selbstverständlechkeet gehéieren. Eppes anescht kënnen d' Nokrichsgeneratiounen sech scho bal net méi virstellen. Mir sinn dankbar a weisen hinnen eise Respekt.

Mir sinn och a Gedanke a soe Merci all deenen di sech och haut nach mat Läif a Séil derfir asetzen dass di däischter Zäiten vum leschte Krich net vergiess ginn. Um kommunale Niveau wëll ech dëst Joer, no 2019, stellvertrieden fir all déi Leit, hei nach eng Kéier eis Kulturkommissioun ervirhiewen déi zesumme mat de Frënn vun der Donwer Geschicht a mam Nico Ruppert an Armand Goergen de Courage net verluer hunn fir de Projet vun der Gedenkplatz un di brittesch Affer vum Ofstuerz vum Fliiger ëmzesetzen. No der Geneemegung hunn eis Mataarbechter vun der Gemeng d' Baumosnahmen ëmgesat an d' Aweihung wäert, wa Covid eis kee Stréch derduerch mécht, de 26. August, um 80 Joresdag, zelebréiert ginn.

D' Moosnahmen di eis Gewunnechten a Fräiheeten an de leschte Méint zäitweis ganz stark ageschränkt hunn, hu missen decidéiert ginn fir de Virus a Schach ze halen. Vill gouf driwwer beroden a ganz kontrovers diskutéiert, op d' Grondrechter ass sech

beruff ginn, Solidaritéit, Hëllefsbereitschaft, Verzicht op Gewunnechten, aussergewöhnlech lang Aarbechtszäiten an de Kliniken, Pflegestrukturen an Altersheimer hu fir vill Leit eng nei Dimensioun kritt. Fir mech ass haut e ganz besonneschen DAG, an och déi Gelegeneheet, fir all deene Leit MERCI ze soen di Grousses gelescht a vill Sakrificer verbruecht hunn fir anere Matmënschen ze hëllefen an Decisiounen ze huelen fir de Virus ze meeschteren. Hoffe mir dass et besonnesch duerch d' Impfung lo weiderhin ëmmer besser gött, d' Impfung ass de Wee zur Normalitéit, loosst iech impfen.

Als Institutioun GEMENG hu mir wéi ëmmer probéiert zu all Ament dat Bescht ze maache fir eise Biergerinnen a Bierger all d'Servicer obrecht ze halen. Nieft dem Verdeel vu Schutzmasken ass lo kuerz d'Duerchféierung vu Schnelltester iwergangsméisseg bei eis Dingschtleeschungen un iech léif Matbiergerinnen a Matbierger derbäi komm.

De Covid-19 huet vill Retard an d' Projete bruecht, bei eis ganz besonnesch an d' Prozedur vum neie PAG. Mir hoffen am Moment dass e bis Enn dës Joers kéint approvéiert sinn.

De Covid-19 huet eis all nei finanziell Zukunftsproblemer bruecht. Di virdu scho bekannte Problemer mussen schnellst méiglech ugepaakt ginn. Als Gemeng hu mir den 1 Klima- a Logementspakt matgedroen a vill Mesuren ëmgusat. D' Gesetzer fir di 2 Generatioun dovun plus de Naturpakt si scho gestëmmt oder stinn op der Agenda vun der Chamber. Och déi wäerte mir matdroe well mir all en Deel vun der Léisung sinn. D'Finanzen wäerte strapazéiert ginn a mir si frou dass mir e bëssen Reserven hunn.

D'Veräins- a Sportsliewen stoung an de läschte 16 Méint gréisstendeels quasi komplett stell. Duerch d' Schnelltester ass Mol de Veräinssport nees méiglech ginn. Ech maachen a ganz warmen Apel un all eis Veräiner fir de Kap net hänken ze loosse, bid Aktivitéiten un soubal et geet. Skypen a soss Tools fir Visioconferenzen kënnen eist gewinnten sozialt Zesummeliewe nimools ganz ersetzen. D' Veräinsliewen ass méi bëlleg wéi muench Konsultatioun beim Psychiater, och wann et net all séileg Problemer léise kann.

International gekuckt léist d' Wiel vum neien US President Joe Biden Hoffnung zou, dass de Weltfridden insgesamt nees méi gefestegt ass, et gouf Zäit dass di aner Ära en Enn krut. Leider sinn eng ganz Rei Staaten an den Hänn vu Regéierenden di d' Mënscherechter an Demokratie wéi mir se gewinnt sinn ignoréieren. Hoffe mir dass d'Birger aus Belaruse, Syrien, Israel a Palestina, mee awer och dem Iran an iwuerall

do wou et nach Krich an Ënnerdréckung gëtt, et fäerdeg brénge fir méi Fräiheet a Matbestëmmung ze erreechen.

Léif Matbiergerinnen a Matbierger, dëse Nationalfeierdag fënnt net am GROUSSEN, mee hoffentlech mat ville kleng Feierechkeeten an de Famillen oder mat e puer Kollege statt an ech verspriechen Iech dass mir als Gemeng alles drusetzen fir daat 2022 nozehuelen wat 2020 an och lo net dierf sinn. Wéi schons 2020 gesoot, d'Feieren däerfe mir net verléieren, halt duer, halt zesummen, weist weiderhin deen Zesummenhalt an déi Hëllefsbereetschaft géigeniwwer méi vulnerabele Matbewunner wéi di lescht Méint.

E ganz häerzleche MERCI un d'Gemengepersonal dass mir di schwéier Zäit bis lo relativ gutt iwwerstan hunn, MERCI de Fanfare vu Gouschteng-Beyren a Nidderdonven fir d'Sonnerie an hire musikalesch Encadrement haut den Owend, Merci de Pompjeeë vum CGDIS a Merci dem Jonathan Boucher vu Beyren fir d'Realiséiere vun engem Film iwwer dës Zeremonie deen da mar am spéide Mëtteg online gesat gëtt. Merci jidderengem dee eng Hand ugepaakt huet.

Bleift all gesond!

Eisem Grand-Duc a senger Famill wënsche mir vun hei aus all Gutts.

Vive de Grand-Duc !

Vive déi groussherzoglech Famill,

Vive eis Heemecht!

A Vive d'Gemeng Fluessweiler!

Iech all e ganz schéine Nationalfeierdag 2021 !